

Dat ass net de Fall.

Ass d'Chamber da mat dëser Ännerung averstanen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

3. Question urgente n° 471 de Mme Alexandra Schoos relative à l'appareil de mammographie d'un centre d'imagerie médicale à Esch-sur-Alzette

Question écrite n° 467 de M. Sven Clement relative à l'appareil de mammographie d'un centre d'imagerie médicale à Esch-sur-Alzette

Mir kommen elo zur Question urgente Nummer 471 vun der Madamm Alexandra Schoos an zur Question écrite Nummer 467 vum Här Sven Clement, béid iwwert d'Notzung vun engem Apparat fir Mammografien an engem privaten Zenter zu Esch. Madamm Schoos, Dir hutt fir d'éischt Wuert.

Mme Alexandra Schoos (ADR) | Villmools merci, Här Chamberspräsident. A villmools merci och, dass ech déi dréngend parlamentaresch Fro och direkt hei un d'Gesondheitsministesch ka stellen.

Ech war e bësse verwonnert, dee Kader ass jo och schonn op den Ordre du jour gesat gi vun der LSAP an der leschter Gesondheitskommissioun an do hu mer driwwer geschwat, justement iwwert dee Sujet. An do hat d'Madamm Minister nach gesot, dass näischt géif virleien, wat si dozou kéint veruloossen oder de Ministère dozou kéint veruloossen, do d'Aktivitéiten ze stoppen. Dowéinst war ech émsou méi verwonnert, wéi ech da gëschter beim 100,7 a beim RTL héieren a gelies hunn, dass do all Aktivitéite bei der Imagerie HYGIE am Kader vum Scanner an der Mammografie gestoppt gi sinn an dass d'Rendez-vousen vun de Patienten anscheinend op déi véier Hauptspidolszentere verdeelt solle ginn.

An deem Kader géif ech da justement gär d'Fro stellen: Aus wéi engem Grond goufen déi Aktivitéiten da verbueden? Also wat ass den neie Moment, dee mer elo hu par rapport zu eiser Kommissiounssitzung den 28. Februar? Gëtt et heifir dann och eng legal Basis, dass déi Aktivitéite gestoppt goufen?

Doraus erschléisst sech da meng zweet Fro: Ass dee Verbuet temporär? Oder reversibel?

An dann och, well mer jo och hei un d'Patienten mussen denken: Mat wéi engem Delai mussen d'Patienten elo rechnen, fir e Rendez-vous an engem vun deene véier Spidolszentere ze kréien? Wéi gëtt do d'Drénglechkeet evaluéiert? Well anscheinend hätt de Ministère gesot: „Do gëtt no der Drénglechkeet gekuckt.“

An och: Wien këmmert sech an der Praxis elo ëm d'Verleeë vun deene Rendez-vousen? Muss dat de Patient selwer maachen? Këmmert sech do elo de Centre médical Esch/Alzette? Oder ginn déi Patientente kontaktéiert vun engem vun deene véier Spidolszentere?

Villmools merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Schoos. An dann huet elo d'Wuert den Här Goergen, deen den Här Clement ersetzt. Här Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten), en remplacement de M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Merci och der Ministesch fir hir Disponibilitéit.

(Interruption par M. Fernand Kartheiser)

O, Här Kartheiser, ech hat Iech héieren!

Merci fir Är Disponibilitéit. Effektiv ass deen Zenter gëschter zougaangen, wéi mer an der Press matgedeelt kruten, aus verständleche Grënn, wéi ee virdru scho gewuer ginn ass. Elo ass et awer esou, dass am Land nach e grouse Retard u Rendez-vousen ass. An dofir hunn ech Iech d'Fro matbruecht, wat dann elo mat deenen Apparater wäert geschéien, sollt deen Zenter elo méi laang zoubleiwen. Well et ka jo net sinn, dass een op där enger Säit iwwer ee Joer muss op Rendez-vousen waarden an op där anerer Säit de Stëbs op den Apparater läit, déi eigentlech funktionstüchteg wäeren. An do ass dann och d'Fro, ob Der scho wësst, ob aner Spideeler drun interesséiert wäeren, fir déi Kapazitéiten ze iwwerhuelen, well et geet jo awer ëm d'Patienten.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Goergen. An dann ass et un der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet, fir eng Äntwert ze ginn. Dir hutt d'Wuert, Madamm Minister.

Mme Martine Deprez, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale | Esou, e schéine gudde Mëtten alleguerten. Jo, Dir hutt gelies, dass mer HYGIE gesinn hunn. Mir hunn HYGIE elo net verbueden, iergend-eppes ze maachen, mee mir si mat HYGIE eens, dass esou, wéi d'Gesetz de Moment gestréckt ass, dat, wat si maachen, net konform ass zum Gesetz. A si hunn eis verséichert, dass si dann elo géifen op eis Demande hi Scanner a Mammografe mol roue loosse. An dat ass alles, wat mer kommunizéiert hunn.

En attendant kläre si mam CHEM, ob se net awer eng Kollaboratioun kënnen undenken, well si sinn un de CHEM erugetrueden an hu vum CHEM bis dato keng Réckmeldung kritt. Dat heescht, do wäerte mer eis deemnächst nach eng Kéier zesummesetzen, fir ze kucken, wéi dat da mam CHEM kéint eventuell zustane kommen.

Wat d'Delaien ubelaangt, sou hat Der eng Question parlementaire vum 7. Februar beäntwert kritt, d'Question parlementaire d'Nummer 301 vun der Madamm Lenert, dem Här Di Bartolomeo an der Madamm Closener. D'Delae sinn erofgaangen. A wann et sollt Schwieregkeete ginn, fir elo ee vun deene Rendez-vousen ze verleeën, hu mer och ofgemaach mam Zenter, dass si d'Patiente kënnen un eis weiderginn a mir kucken dann, e Rendez-vous ze fannen.

An dat Lescht: Déi Apparaten, do mussen mer op de CHEM waarden, ob si wëllen de Platto iwwerhuelen oder net. Voilà.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen der Madamm Minister villmools Merci fir d'Äntwert an och fir d'Disponibilitéit, direkt am Ufank vun dësem Nomëtten ze kommen.

4. 8330A – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 19 mars 1988 sur la publicité foncière en matière de copropriété

Da komme mer zu dem nächste Punkt vun eiser Sëtzung, an dat ass de Projet de loi 8330A. Dat ass eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Publicité foncière am Beräich vun der Kopropriétéit. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno follgendermoossen opgedeelt: De Rapporteur huet zéng Minuten, all d'Fraktiounen an d'Sensibilitéiten hu fénf

Minuten, d'Regierung huet zéng Minuten. Et hu sech elo schonn ageschriwwen: den Här Guy Arendt, den Här Franz Fayot, den Här Fred Keup, d'Madamm Sam Tanson an den Här David Wagner. An de Rapporteur huet elo d'Wuert, den honorabelen Här Député Maurice Bauer. Här Bauer.

Rapport de la Commission des Finances

M. Maurice Bauer (CSV), rapporteur | Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ier ech elo zum eigentleche Projet de loi 8330A mat sengem Article unique kommen, erlaabt mer kuerz, Iech hei de Kontext ze erklären. De 17. Oktober d'lescht Joer ass de Gesetzesprojet 8330 vun der deemoleger Finanzministesch deposéiert ginn, e Projet de loi, deen d'Zil huet, fir d'Gesetz vum 25. Juli 2002 iwwert d'Administratioun vum Kadaster an der Topografie duerch en neit Gesetz ze ersetzen.

Am Artikel 18 vun deem Projet de loi ass virgesinn, den Artikel 4 vum modifizéierte Gesetz vum 19. Mäerz 1988 ze änneren, andeems den Delai vu 35 Joer fir d'Regularisatioun par rapport zum Cadastre vertical aus dem Gesetzestext soll erausgeholl ginn. Vu datt awer deen aktuellen Delai, fir konform ze si mat der Regularisatioun, elo schonns den 1. Abrëll 2024 ofleef an dee ganze Projet de loi, den initiale Projet de loi, nach net prett ass, fir gestëmmt ze ginn, ass et fir all d'Acteuren immens wichteg, elo séier eng Léisung ze fanne vum 1. Abrëll dëst Joer an esou weiderhin eng Rechtssécherheet ze hunn iwwert de legale Kader vum Cadastre vertical.

De Staatsrot huet a sengem éischten Avis suggeréiert, den initiale Projet de loi 8330 an zwee separat Projet-de-loien ze splécken, andeems den éischte Projet de loi nëmmen den Artikel 18 aus dem initialen Text traitéiert, deen d'Gesetz vum 19. Mäerz 1988 modifizéiert, an den zweete Projet de loi all déi aner rechtliche Artikelen aus dem initiale Projet de loi traitéiert.

D'Finanzkommissioun huet doropshin decidéiert, dës Recommendation vum Staatsrot ze iwwerhuelen, an huet den initiale Projet de loi 8330 an zwee separat Projet-de-loie gespléckt: de Projet de loi 8330A, deen eenzeg an eleng den Artikel 18 aus dem initialen Text iwwerhëlt, an de Projet de loi 8330B, deen all déi aner Artikelen vum initiale Projet traitéiert an deen der Chamber zu engem spéideren Zäitpunkt virgeluecht wäert ginn.

Nodeems de Kontext gesat ass, komme mer haut elo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dann zum Projet de loi 8330A. Dëse Projet de loi huet een eenzege Artikel, deen, wéi gesot, den Artikel 18 vun dem initiale Projet de loi 8330 ersetzt an dee virgesäit, den Artikel 4 vum Gesetz vum 19. Mäerz 1988 iwwert d'Publicité foncière en matière de copropriété ze modifizéieren, andeems am Alinea 1 an dem éischte Saz d'Wierder „dans les trente-cinq ans“ an am zweete Saz d'Wierder „dans ce délai“ erausgeholl ginn an am Alinea 6 d'Wierder „et au plus tard à l'expiration du délai de trente-cinq ans fixé à l'alinéa 1^{er} du présent article“ erausgeholl ginn.

Mat dëser Modifikatioun gëtt all Referenz op den Delai fir d'Regularisatioun par rapport zum Cadastre vertical aus dem Gesetzestext erausgeholl, sou dass de kruzalen Datum vum 1. Abrëll 2024 net méi applikabel ass an d'Acteuren um Terrain keng rechtliche Onsécherheet méi hunn no dësem Datum vum 1. Abrëll.

Fir kuerz ze rappeléieren: De Cadastre vertical betrëfft déi Gebaier, déi vum Gesetz vum 19. Mäerz 1988 iwwert d'Publicité foncière en matière de copropriété ënnert de Regimm vun der Kopropriétéit gefall sinn. An et geet beim Cadastre vertical drëms, déi eenzel Deeler vun enger Kopropriétéit genau ze erfassen.

En Expert erstellt esou e Cadastre vertical, deen déi aktuell a reell Situatioun vun deem Haus muss mat der Situatioun, wéi se à l'origine aktéiert gouf, vergläichen a gegebenenfalls regulariséieren.

Dëst ass awer oft net méiglech oder ganz schwieereg wéinst ganz diverse Grënn, esou zum Beispill dem Feele vun Dokumenter oder Onstëmmegkeeten tëschent Koproprietären.

Duerch successiv Gesetzer gouf den Delai, fir de Cadastre vertical fir déi betraffe Gebaier ze realiséieren, ëmmer nees no hanne geréckelt, 1990 ëm fënnf Joer bis 2004 an duerno zweemol jee weils ëm zéng Joer bis elo den 1. Abrëll 2024, ouni awer Friichte gedroen ze hunn.

Bis haut gouf den Delai also ëm 35 Joer no hanne geréckelt an haut muss mer feststellen, dass mer nach ëmmer ganz wäit ewech si vun enger kompletter Realisatioun vun allen noutwendege Cadastre-verticalen. En effet, vun de ronn 3.350 Dossieren, déi viséiert sinn, sinn der, Stand haut, manner wéi 1.900, wou de Cadastre vertical realiséiert ass a virläit, an 2004 (veuillez lire: 2014) waren et der 1.600.

Schonn 2014, bei der deemoleger Verlängerung vun dem Delai ëm zéng Joer, huet den deemolege Rapporteur, den honorabelen Deputéierte Franz Fayot, eng Rëtsch Pisten opgezeechent, wéi een dee Problem vun der Regularisatioun permanent geléist kéint kréien, ënner anerem d'Alternativ vum Ofschafe vun deem Delai, wat mir elo haut mat dësem Projet de loi realiséieren. Eng weider Verlängerung vum Delai ëm zéng Joer géif net vill bréngen a mir sténgen an zéng Joer alt erëm eng Kéier hei mat deem selwechte Constat: dass nach ëmmer net all déi viséiert Gebaier e Cadastre vertical realiséiert hätten.

Fir d'Administratioun heescht d'Ofschafung vum Delai, dass se an Zukunft weiderhin zwee verschidde Regimier parallel geréiere muss, esou wéi se dat säit 35 Joer eigentlech och gewinnt ass ze maachen, mat engem ancien Régime vun deenen net regulariséierte Gebaier vu virun dem Gesetz vum 19. Mäerz 1988 iwwert d'Publicité foncière en matière de copropriété an engem nouveau Régime mat deenen Dossieren, déi regulariséiert gouden.

Wat d'Avisen ugeet, esou huet esouwuel den Ordre des architectes et des ingénieurs-conseils ewéi och d'Chambre de Commerce keng Remarque gemaach par rapport zu dësem Artikel 4 vum modifizéierte Gesetz vum 19. Mäerz 1988 iwwert d'Publicité foncière en matière de copropriété. Wéi virduch och scho beschriwwen, huet de Staatsrot a sengem Avis sech just iwwert dësen eenzegen Artikel prononcéiert a keng Remark um Fong gemaach.

D'Finanzkommissioun huet de Rapport an hirer Sëtzung vum 6. Mäerz 2024 ugeholl a fir all weider Detailler verweisen ech op de schrëftleche Rapport.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen Iech villmools Merci fir Är Opmierksamkeit. Als Spriecher vu menger Fraktioun hunn ech deem näischt bäizefügen a ginn heimadder och den Accord vu menge Kollege vun der Fraktioun vun der CSV.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen dem Här Bauer villmools Merci fir säi mëndlechen a fir säi schrëftleche Rapport.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Guy Arendt (DP) | Jo, merci, Här President. Ech hunn deem komplette Rapport, dee gemaach ginn ass, näischt bäizefügen an ech ginn den Accord vun der DP-Fraktioun.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Arendt. Dann ass d'Wuert elo fir den Här Franz Fayot.

M. Franz Fayot (LSAP) | Jo, merci, Här President. Ech si frou, dass de Rapporteur mäi Rapport zitéiert huet vun 2014, et ass effektiv zéng Joer hier. Et mécht mech net méi jonk. Ech sinn awer frou, dass ech deemools och schonn déi Pist gesinn hunn, déi mer dann elo haut adoptéieren. Ech mengen, et ass eng Fro vun der Sagesse, déi de Legislatuer dann heiansdo huet, fir esou Saachen dann ze maachen, wann e gesäit, dass eppes net fonctionéiert. An ech ginn dann och domat den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Fayot. Dann huet d'Wuert den Här Fred Keup.

M. Fred Keup (ADR) | Merci, Här President. Heimadder ginn ech d'Zoustëmmung vun der ADR-Fraktioun.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Keup. D'Madamm Sam Tanson.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Jo, villmools merci. Ech denken, dass dat heite weist, dass een och kann heiansdo e Feeler redresséieren, quitte dass et elo ganz laang gedauert huet – mir schwätze vun engem Gesetz aus den 80er-Joren –, mee wann ee vun der Verwaltung gesot kritt, dass d'Perspektiv net do ass, dass de Rescht vun den Immeublë géif nach suivéieren, dann doe mer gutt drun, fir elo net nach eng Kéier den Delai ze verlängeren. Duerfir kritt Der och hei eisen Accord.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Tanson. An dann ass et um Här David Wagner.

M. David Wagner (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. Also, mir sinn och bereet, dëse Projet de loi matzestëmmen. Allerdéngs stellt sech awer trotzdem eng kleng Fro. Also, mir hu Verständnis derfir, dass den Delai erausgeholl gëtt, a mir hu Verständnis derfir, dass d'Administratioun u sech déi Aarbecht net ka maachen. Et si jo nach bal 1.500 Gebaier, déi missten an de Cadastre vertical kommen. A wann ee kuckt, wéi vill Zäit se gebraucht hunn, fir dat virduch hinzekréien, da misste mer nach 30 Joer – wat weess ech – ongeféier waarden.

De Problem, dee sech allerdéngs stellt, ass jo, dass och am Koalitiounsvertrag drasteet, dass dat Gesetz iwwert déi eidel stoend Wunnengen érischt géif deposéiert ginn, nodeems de Cadastre vertical fäerdeg wär. An do stellt sech dann de Problem, wa mer den Delai eraushuelen, dass vläicht déi Gesetzgebung, fir eeben eidel stoend Wunnengen kënnen ze taxéieren, aus calendes grecques wäert bleiwen.

Dat heescht, do stellt sech d'Fro, inwiefern d'Regierung sech awer verpflichtet, lo och an dëser Legislaturperiod trotzdem e Registre national des bâtiments opzestellen, fir kënnen zu där Legislatioun ze kommen, oder ob d'Regierung och gedenkt, iwwert aner Weeër ze fueren, fir dat kënnen ze maachen. Deemno wéi ass de Cadastre vertical jo och net onbedéngt néideg, esou wéi dat och am Koalitiounsaccord steet ..., dass do drasteet, dass dat fir d'éischt misst geschéien. Mee mir wäerten dat jo net an deenen nächste fënnf Joer hikiréien.

Ech soen Iech Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wagner.

Vu dass d'Lëscht vun den ageschriwwene Riedner elo opgebraucht ass, ass d'Wuert fir d'Regierung. Här Minister.

Prise de position du Gouvernement

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dat hei wierkt eigentlech, wéi wann et e reng techneschen Dossier wier, mee e concernéiert ganz vill Leit dobaussen. An ech wëll duerfir, och wann et e Modèle de base ass, awer eng Rei vu Präzisiounen ginn an och op déi Fro, déi den David Wagner, mengen ech, zu Recht gestallt huet, agoen.

Eigentlech géif ech soen: Net nëmmen an dësem Fall, mee heiansdo ass et gutt, wann een an der Politick d'Audace huet, fir eng Amende honorable ze maachen. An hei, mengen ech, mussen successiv Regierungen Amendes honorables maachen, well dee Problem sech zënter 1988 stellt, an et stinn, wéi ech dat virdu gesot hunn an de Rapporten och richtegerweis preziséiert, nach iwwer 1.400 Dossieren op.

Jo, et ass en Deel vun enger Gesetzgebung, mee et ass awer och en Deel, dass d'Gesetzgebung iwwer d'Kopropriétéit u sech selwer verlaangt, dass et eigentlech an dem gréissten Deel vun de Fäll eng Unanimitéit brauch vun alle Koproprietären, fir dass een dat hei ka regulariséiert kréien. Well den Ursprung vum Cadastre vertical ass nun eeben emol eng Regulariséierung, déi op engem technesche Plang geschitt mat dem Averstännis vu sämtleche Koproprietären.

Ech fannen et och luewenswäert, dass de Conseil d'État onofhängeg vun dem Gesetz de base iwwert d'Reform vun der Kadasterverwaltung mat op de Wee geet, fir dat hei kuerzfristeg ze änneren. Well wat wier d'Konsequenz, wa mer dat elo net am Mäerz géife stëmmen? Mee dat wier ganz einfach, dass alleguerten déi Situatiounen vu virun 1988, dat heescht vun eeleren Appartements, vun eelere Residenzen, déi net regulariséiert wieren ..., dass do kee Verkafsakt méi kéint gemaach ginn. An duerfir ass dach eng gewëssen Urgence hei.

Den drëtten Punkt ass deen, an ech wëll dat och kloer soen: Och wann elo den Delai ewechfällt, wann déi Regulariséierung, ech soen, implizitt gemaach gëtt, wëll ech awer eppes kloer soen. Dat ass Follgendes: Et soll net dobausse gemengt ginn, dass mat dem Fait, dass hei déi Obligatioun vun deem Cadastre vertical géif ewechfale mat dem Delai, kéinte Situatiounen regulariséiert ginn, déi illegal sinn!

An ech erkläre mech: Dir hutt a ganz ville Gemenge Situatiounen, wou zum Beispill eng Limitatioun ass, an der Héicht ze bauen. Loosst eis soen: 2.8, dat heescht, ech kann zwee Stäck plus nach e Geschoss ënnert dem Daach hunn. Elo sinn natierlech vill Leit – bon, gewollt oder wuel wëssend – higaangen an déi hu gesot: „Ma déi 0,8, déi ech ënnert dem Daach hunn, aus deene maachen ech dann e weidert Appartement oder e Studio oder e Logement.“

Wat illegal ass a wat och bei de Leit zu follgende Schwieeregkeete féiert: Éischtens kréie se dat bei engem Nottär an der Reegel net verkaaft, well dee mécht kee Verkafsakt, an zweetens ass déi Gefor, där se sech aussetzen, extreem grouss. Firwat? Mee wann eng Kéier en Incendie, dat heescht zum Beispill e Brand, do geschitt, da kënnst eng Assurance an der Reegel guer net derfir op. Firwat? Well déi soen: „Majo, do war iwwerhaupt keng Wunneng virgesinn.“ Also ech wëll am Numm vun der Regierung ganz kloer soen: Dat gëtt heimadder net regulariséiert!

Da kommen ech zum Schluss. Dat ass déi Fro, déi den David Wagner gestallt huet. Wann dat esou an dem Regierungssaccord steet, da soen ech: Ech huelen d'Engagement, dass fir déi Verwaltungen, déi dem Finanzminister ënnerstinn – dat ass ënner anerem d'Steierverwaltung, dat ass och zum Deel

den Enregistrement –, opgrond vun enger gudder Digitaliséierung, an déi brauche mer an deene Finanzverwaltungen ëmmer méi, dat hei net op d'laang Bänk sollt geschiibt ginn, fir dass iwwerhaapt herno kann eng Leerstandssteuer erhuewe ginn.

Dat heescht, ech engagéiere mech hei fir déi Verwaltungen, déi vun dem Finanzministère ofhänken an déi en Deel derzou kënnen bäidroen, dass dat net als Obstruktioun sollt gebraucht ginn. Neen, déi Aarbechten, déi ginn onofhängeg dovunner virun, an ech wëll Iech och duerfir dat Engagement ginn.

An de leschte Punkt ass deen: Dir hat d'Méiglechkeet – wéi ech och, mengen ech –, d'Kadasterverwaltung ze gesinn. Dat ass impressionnant, wéi d'Kadasterverwaltung digitaliséiert ass. Dat kënnen d'Leit och praktesch gesinn op dem Internetsite vun der Kadasterverwaltung an ech géif mer eigentlech wënschen, dass all déi Verwaltungen – zumindest déi, fir déi ech dierf schwätzen; dat sinn déi, déi vum Finanzminister ofhänken –, de selwechten Degré de digitalisation hätten, well dat géif net nëmmen de Verwaltungen, net nëmmen den Aarbechtsfleef, mee virun allem de Biergerinnen an de Bierger vill zeguttkommen. An ech mengen, d'Digitaliséierung ass gradewéi déi kënschtlech Intelligenz net eppes fir sech selwer, mee et ass virun allem eppes, wat soll am Sënn si vun engem effikasse Staat, am Sënn vun einfacher Verwaltungsfleef a virun allem am Interessi vum Bierger.

Dat gesot, soen ech Iech Merci, dass déi Suggestioun vum fréiere Rapporteur Franz Fayot dann haut ënner engem CSV-Finanzminister hiren Néierschlag fënn. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen der Regierung Merci. Domat wär d'Diskussioun dann ofgeschloss.

Da komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet. Ech maachen Iech wéi üblech drop opmierksam, dass Der Iech musst aloggen, wann Der wëllt mat ofstëmmen, well soss kënn Der net mat ofstëmmen. Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8330A. Den Text steet am Document parlementaire 8330A^{2A}.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8330A et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. De Vott ass dann domat ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm an deementspriedend och kenger Abstentioun. De Projet de loi ass also mat 60 Jo-Stëmmen unanime ugehooll.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher (par M. Christophe Hansen), Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Octavie Modert) et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Pölfer (par M. Gusty Graas) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haag en et Mme Paulette Lenert ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

MM. François Bausch, Meris Sehovic (par M. François Bausch), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement (par M. Ben Polidori), Marc Goergen et Ben Polidori ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

5. 8320 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 15 décembre 2020 relative au climat

An da komme mer zum zweete Punkt vun eiselem Ordre du jour vun haut, an do hu mer de Projet de loi 8320, eng Ofännerung vum Klimagesetz am Kader vum Europäeschen Emissiounshandelssystem. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an deemno folgendermoossen opgedeelt: De Rapporteur huet 15 Minutten, d'CSV huet 31 Minutten, d'DP 24, d'LSAP 21, d'ADR 15, déi gréng, d'Piraten an déi Lénk hunn 10 Minutten an d'Regierung huet 15 Minutten. Et hu sech elo schonn ageschriwwen: den Här Luc Emering, d'Madamm Claire Delcourt, den Här Jeff Engelen, d'Madamm Joëlle Welfring, den Här Ben Polidori an den Här David Wagner. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Christophe Hansen. Här Hansen, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité

M. Christophe Hansen (CSV), rapporteur | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 8320, iwwert dee mir haut ofstëmmen, modifizéiert an aktualiséiert d'Klimagesetz vum 15. Dezember 2020. An dat war néideg, well, wéi Dir wësst, sinn um europäeschen Niveau eis Klimaambitiounen fir 2035 am sougenannte „Fit-for-55-Paquet“ nach emol konsequent verschäerft ginn. Et handelt sech notament ëm zwou Direktiven an zwee Reglementer, op déi ech duerno nach méi am Detail wäert agoen.

Mir kruten awer notament och Avice vum Syvicol, vun der Chambre des Salariés, vun der Chambre de Commerce an natierlech och dem Staatsrot. Am Fong hätt dat heite Gesetz scho misse fir den 31. Dezember 2023 ëmgesat ginn. Mee, wéi sech dat gehéiert, hu mer natierlech missen op déi verschidden Avice waarden, fir och do d'Saache mat anzubauen. Ech kann Iech awer berouegen, dass mir mat deem Vott haut labber am joëchte Véierel vun deene Länner sinn, déi dat doten elo schonn ëmsetzen, dat heescht, mir sinn do awer nach gutt an der Zäit.

An eiser Kommissiounssëtzung Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit gouf deen heiten Text de 7. Februar à l'unanimité ugehooll an dofir wollt ech hei och nach eng Kéier de Kolleeginnen an de Kolleeg ganz häerzlech Merci soen.

Fänke mer u mat der Direktiv 2023/958: Déi betrëfft den ziville Loftverkéier, wou duerch dës Modifikatiounen elo déi gratis Certificate vun 2024 bis 2025 no an no auslaffe gelooss ginn, fir dann am Joer 2026 integral gehandelt an dann och bezuelt mussen ze ginn.

Zousätzlech soll dann och nach eis Aviatioun elo graduell méi nohalte ginn, an dat, andeems verstärkt sougenannt „syntheetesch Carburanten“ och méi sollen agesat ginn. Dat gëtt

heiduerch encouragéiert, an dat ass wichteg. Obwuel d'Aviatioun – dat soe verschidde Leit – nëmme knapps 3 % vun de globalen Emissiounen ausmécht, ass et trotzdem wichteg, dat ze maachen, well den Trend ass ganz kloer: Et gëtt ëmmer méi geflunn, an all 15 Joer, kann ee soen, verduebelt sech de Loftverkéier, an do gëllt et, och elo schonn dee richtegen Hiewel unzesetze fir d'Zukunft.

D'Changementer, déi duerch dës Direktiv 2023/259 (veullez lire: 2023/959) an duerch d'Reglement 2023/257 (veullez lire: 2023/957) un eiselem Klimagesetz musse gemaach ginn, betreffen dann och d'Abzéie vum Schëfftransport an eis Klimaefforten. Och dat ass wichteg, well d'Schëfffaart steet weltwäit fir ronn 4 % vun de klimaschädlechen Emissiounen an duerch dës Changeement wäerten dann och d'Produkten an eise Regaler no an no e besseren CO₂-Foussofdrock hunn, an, ech mengen, dat ass eppes, wat jiddereen ënnerschreiw kann.

Zudeem kënnen mer awer och soen, dass eis Produkter dann och méi konkurrenzfähig ginn zu Produkter, déi am Moment aus – ech soen elo – Latänamerika, China oder och anere Länner importéiert ginn. Och bei der Konkurrenzfähigkeit ass et, mengen ech, wichteg, dass mer eise Betriber hëllefen.

Huet dat elo mëttelfristeg een Impakt op de Präis vun importéierte Gidder? Ech mengen, dat kënnen mer net ausschléissen. Mee mir mussen awer och ganz kloer soen: Wa mer elo näischt maachen, ass de Präis, dee mer ze bezuelen hunn, a long terme e vill méi héijen, an dofir ass et wichteg, dass mer dat heite maachen!

Duerch déi selwecht Direktiv, déi ech elo genannt hunn, wäert awer och en europäeschen CO₂-Präis agefouert ginn. Wéi Dir wësst, hu mer schonn en CO₂-Präis, zum Beispill an der Industrie oder och am Energiesektor. Dat gëtt awer elo och nach ausgeweit op d'Hëtze vu Gebaier an och zum Beispill de Verkéier. Wichteg ze soen an deem Kontext, ass natierlech, dass mir den CO₂-Präis bei eis zu Lëtzebuerg elo schonn hunn, contrairement zu anere Länner, an et kënn also näischt Zousätzlech doduerjer op eis Bierger zou. An, ech mengen, et muss kee sech Suerge maachen, dass duerch dës Gesetzgebung bei eis am Land a punkto Gebaier an Transport eppes méi deier géif ginn – just duerch déi heite Gesetzgebung.

An déi lescht grouss Modifikatioun un eiselem Klimagesetz betrëfft natierlech och d'Ëmsetzung vum Reglement 2023/256 (veullez lire: 2023/956) an dat ass dee sougenannten „CO₂-Ausgleichsmechanismus un eisen Aussegrenzen“, deen elo soll agefouert ginn. De sougenannte „Carbon Border Adjustment Mechanism“ gesäit vir, dass bei Importer vu Produkter aus Drëttlänner wéi Stol, Aluminium an anere Gidder, déi ënnert den EU-ETS-System falen, an Zukunft och de geltenden EU-CO₂-Präis un der Grenz muss bezuelt ginn. An dat ass gutt, well duerch dës System ginn op d'mannst op eiselem Bannemaart gläich Konditiounen fir gläich Produkter geschafen, an ech héieren och, dass eis Industrie ganz en faveur vun deem heite System ass an dat begrëisst.

An, ech mengen, et ass awer och wichteg, dass een trotzdem seet: Dat doten ass awer net dat, wat elo eis Produktioun an Europa wäert retten! Mir hu méi Chargen, wéi dat an aneren Drëttlänner ass. An dofir erlaabt mer trotzdem, kuerz d'Kap ze wiesselen a kuerz eng perséinlech Bemierkung ze maachen, déi ech och schonn an der Kommissiounssëtzung gemaach hunn, an zwar: Deen heite System vum CO₂-Ausgleich un eisen Aussegrenzen ass keen Allheilmittel, fir ze verhënnern, dass eis Industrie no an no d'Schlappen an engem internationalen a globale Vergläich verléiert.